



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheitsministesch an vum Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, op d'parlamentaresch Fro n° 7448 vum 5. Januar 2023 vun den honorabelen Députéierten Här Max Hengel an Här Laurent Mosar.

- Wat mëscht d'Regierung a punkto Sensibiliséierung vu Jonken bei K.O.-Drëpsen am Gedrénks?
- Huet d'Regierung wëlles Opklärungscampagnen, notamment an de Schoulen, ze lancéieren?
- Wéi encouragéiert d'Regierung déi Jonk sech fir eng Analys an d'Spidol ze beginn, respektiv Plainte bei der Police ze deposéieren, am Fall wou ee Verdacht op K.O.- Drëpse besteet?

Et ass wichteg d'Leit fir dës Problematik ze sensibiliséieren an z'informéieren wéi eng Gestes barrière ee kann adoptéiere fir sech ze schützen. Déi concernéiert Associatioune maachen dozou Sensibilisatiounsaarbecht an de Gesondheitsministère schafft momentan zesumme mat Acteure vum Terrain eng Kommunikatiouns- a Sensibiliséierungscampagne zu dësem Thema aus déi viraussichtlech am Summer 2023 erauskommen wäert. D'Zilgrupp vun dëser Campagne si Schüler, Studenten a Jonk Leit déi um Nuetsliewen deelhuefen.

Well d'Police d'Obligatioun huet fir d'Erhale vun der ëffentlecher Uerdnung an d'Sécherheet vum Bierger ze suergen, maache si parallel dozou am Kader vu Preventiounsaarbechten, sief et an de Schoulen oder um [Internet-Site vun der Police](#), d'Leit opmierksam a ginn hinne Verhaalensmesuren wéi se sech besser schützen kënnen.

- Wéi eng Ulaafplaze bitt d'Regierung de concernéierte Persoune fir esou Virfäll kënnen ze verschaffen?

Fir dës Fro géinge mir gären op eis gemeinsam Äntwert op der honorabeler Deputéiert Nancy Arendt hier parlamentaresch Ufro vum 13. Dezember 2022 zu dësem Thema verweisen.

Am Fall wou en Verdacht op KO-Drëpsen besteet, soll d'Police ëmmer déi éischt Ulaaftstëll fir déi concernéiert Leit sinn. Den Associatioune, déi am Beräich vum Nuetsliewen aktiv sinn, ass et nämlech net méiglech d'Verofreechung vu KO-Drëpsen ze confirméieren.

Lëtzebuerg, den 2. Februar 2023

D'Gesondheitsministesch
(s.) Paulette Lenert